

Gemeng Rammerich

Gemengerotssëtzung vum 28. Abrëll 2022

Dagesuerdnung:

- 1.) Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.
- 2.) Deliberatioun iwwer d'Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d'Aféiere vun enger Deierechts-Zoulag an d'Festleeë vun de Konditiounen fir dës ze kréien an d'Beträg.
- 3.) Deliberatioun iwwer eng ausseruerdentlech Bähëllef fir d'Stéit am Kader vun der Hausse vun den Energiepräisser.
- 4.) Deliberatioun iwwer d'Ufro vu Spezialkrediter am ordinäre Budget vum lafende Joer.
- 5.) Deliberatioun iwwer d'Ufro vun Zousatzkrediter am ordinäre Budget vum lafende Joer.
- 6.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun enger Konventioun mat der Société Anonyme ELTRONA INTERDIFFUSION betreffend d'Televisiounskabelnetzer zu Ueschdref an zu Bilschdref.
- 7.) Deliberatioun iwwer d'Statute vun der nei gegrënnter A.s.b.l "Rambrouch Digital Assistance".
- 8.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Kontrakt iwwer d'Uschafung vun enger Wander-Zapkonzessioun.
- 9.) Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen dréngenden an zäitlech begrenzten Verkéiersreglementer.
- 10.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddene Recetten.
- 11.) Äntwerten op Froen vun de Conseillere(n) un de Schännerot.
- 12.) NET-ËFFENTLECH SËTZUNG: Decisioun iwwer d'Demissioun vun engem Gemengenemployé.
- 13.) NET-ËFFENTLECH SËTZUNG: Decisioun iwwer d'Promotioun vun engem Gemeindebeamten.

Un der Sëtzung huelen deel:

Buergermeeschter- a Schännerot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV).

Gemengerot: Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV) (ab Punkt 3 vun der Dagesuerdnung), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP), Patrick Schuller (LSAP).

Entschëllegt: Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV), Frank Melchior (Conseiller, CSV) (bis Punkt 2 vun der Dagesuerdnung).

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) deelt mat, datt déi nächst Sëtzungen den 1. Juni, de 7. Juli an den 22. September sinn. Och kommen nach zwee Punkte bei d'Dagesuerdnung derbäi, an zwar nach zwee Verkéiersreglementer. Domat sinn all Conseilleren averstane.

1 Deliberatioun iwver d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.

Op Ufro vun de Proprietäre sollen dräi Parzellen an der Rue du Lac zu Ueschdref op zwou Parzellen opgedeelt ginn.

Wat eng Parzell an der Rue du Moulin zu Pärel betrëfft, esou soll déi opgedeelt gi fir e Bauterrain vu 26 Ar ze schaafe. D'Opmoosse soll gemeet gi wa vun der Gemeng aus an der Rue du Moulin opgemooss gëtt.

An der Rue de Roodt zu Rammerich sollen zwee Terrainen nei opgedeelt gi fir eng Parzell mat dem aktuelle Gebai an enger Garage ze schafen an donieft zwou Parzellen als Bauterrain fir en Duebelhaus.

Domat sinn all Conseilleren averstane.

2 Deliberatioun iwver d'Revisioun vun der Deliberatioun iwver d'Aféiere vun enger Deierechts-Zoulag an d'Festleeë vun de Konditiounen fir dës ze kréien an d'Beträg.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) weist drop hin, dat de Gemengerot jo gewënscht hat, fir dës Zoulag unzepassen. Wéinst der allgemenger Deierecht proposéiert de Schäfferot fir d'Deierechtszoulag nei festzeleeën, an zwar fir eng Persoun op 420 €, fir 2 Persounen op 830 €, fir 3 Persounen op 900 €, fir 4 Persounen op 970 € a fir 5 a méi Persounen op 1.050 €.

Dës Upassung gëllt vum 1. Januar 2022 un.

Op d'Fro vun der Conseillère Myriam Picard (LSAP) mengt de Buergermeeschter, dës Zoulag kënnt jo zu all Moment vum Gemengerot ugepasst ginn.

Heimat sinn all Conseilleren d'Accord.

3 Deliberatioun iwwer eng ausseruerdentlech Bähëllef fir d'Stéit am Kader vun der Hausse vun den Energiepräisser.

Well d'Energiepräisser zanter dem Krich vu Russland géint d'Ukrain aussergewéinlech an onerwaart geklomme sinn, proposéiert de Schännerot dem Gemengerot, fir de Stéit aus der Gemeng eng ausseruerdentlech finanziell Bähëllef vu 50 € ze accordéieren. Dës Zomm gëtt als Note de Crédit vun der Rechnung fir den Haushalts-Offall vum zweeten Trimester vun dësem Joer ofgerechent. Dovu profitéieren all Stéit déi op den 30. Juni 2022 am Gemengeregëster agedroe sinn. Sollt d'Rechnung méi niddereg wéi 50 € sinn, kréien d'Leit den Ënnerscheedsbetrag iwwerwisen.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) fënnt dat net richtig, well d'Leit mat décken Akommes wéi och d'Leit mat wéineg Akommes déi selwecht Zomm kréien. Si schwätzt sech duerfir aus, sech un d'Barème vum Staat ze orientéieren, wat méi gerecht wier an och um administrative Plang net méi Aarbecht géing maachen. Si ass wuel mat enger finanzieller Bähëllef averstane fir d'Käschten ofzefiederer, nitt awer matt der Method, well d'Suen net do ukomme, wou si gebraucht ginn. Duerfir fuerdert si, d'Mesuren esou unzepassen, datt se sozial gerecht sinn, a mécht de Vott vun hirer Partei vum Schännerot senger Decisioun ofhängeg.

Bei der längerer Diskussioun zu dësem Thema huet d'Madamm Picard weider drop higewisen, datt vill Stéit hei a Schwieregkeete komme kënnen, datt et wichtig wier, d'Leit drop hinzeweisen, wéi eng Hëllef si kréie kënnen, datt och d'Energieprimm un d'staatlech Mesuren ugepasst wier, datt déi 50 Euro kengem géife vill hëllef.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) mengt, eng aner Opdeelung géif d'Gemeng näischt weider kaschten.

D'Conseillère Sonja Kettmann mengt, vill Leit géife sech genéieren fir eng Hëllef unzefroen, sou datt déi dann näischt kréie géifen. Dat heit wier e kleng Geste fir jiddereen.

D'Conseillère Michelle Ensch (DP) freet, wat een als héijen a wat als niddrege Loun géif bezechnen, a mengt, jiddereen géif déi 50 Euro gär unhuelen.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) mengt, de Staat hätt et hei méi einfach, an et wier u sech net un der Gemeng, fir Bähëllef ze ginn. Dat hei wir e symbolesche Gest, grad wéi bei der Covid-Pandemie, wou och 50 Euro pro Stot bezuelt gi sinn. Hien denkt virun allem och un déi, déi da just géifen iwer d'Limitt vum Akommes falen, an duerfir näischt kréien. Och sollt een emol fir d'éischt kucken, wéi d'Situatioun sech weider entwéckelt an nach net ze vill maachen. Duerfir plädéiert hien fir dës éischer symbolesch Bähëllef.

D'Bähëllef gëtt géint d'Stëmme vun den Conseilleren Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller (all LSAP) ugeholl.

4 Deliberatioun iwver d'Ufro vu Spezialkrediter am ordinäre Budget vum lafende Joer.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) freet dann, fir dës Bähëllef ze finanzéieren, e Spezialkredit vun 90.000 € am Kader vun dëser Bähëllef un, dee vum allgemenge Boni vun 349.061,32 € aus dem Gemengebudget finanzéiert gëtt.

Domat sinn all Conseillere averstane.

Am ausseruerdentleche Gemengebudget stinn ënner dem Artikel 4/910/221311/99064 d'Reparaturkäschte fir d'Schoulschwämm. Well hei eng bedeitend Reparatur vun 32.107,14 € un der Installatioun vun der Waasser-Opbereedung huet misse gemaach ginn, proposéiert de Schäfferot fir en eegene Budgetsartikel ze schafen, fir esou d'TVA separat comptabiliséieren ze kënnen. Well dës Suen aus dem uewe genannten Artikel geholl ginn, bleift dës Ännerung ouni Inzidenz op de Budget.

Heimat sinn se all d'Accord.

5 Deliberatioun iwver d'Ufro vun Zousatzkrediter am ordinäre Budget vum lafende Joer.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) proposéiert verschidden Ännerungen un Budgetsartikelen:

Well d'Arcus deemnächst de Remboursement vum Gemengen-Undeel um Buffetsmaterial (1.544,40 €) froe wäert (50% zu Laaschte vun der Gemeng, déi aner Hallschent op Käschte vum Familljeministère), soll de Budgetsartikel 4/241/223300/14014 entsprechend ugepasst ginn. Dat selwecht gëllt fir den Artikel 4/242/223300/14015 fir d'Buffetsmaterial vun der Maison Relais vun 3.726,45 € a fir den Artikel 4/242/223410/99012 fir Mobilier vun der Maison Relais vun 1.940,04 €. Och hei iwverhëlt d'Gemeng déi eng Hallschent an de Familljeministère déi aner Hallschent an dës Ausgabe stinn dann och net méi op der Joresofrechnung.

Fir d'Uschafung vun enger Wander-Zapkonzessioun vun der Madamm Francine Koeune muss d'Zomm vun 7.000 € an de Budgetskredit 4/831/212000/18011 agedroe ginn.

Obwuel de Kredit fir d'Ersetze vun der Heizung an der Kierch zu Wolven zënter 2020 am Budgetcommentaire ageschriwwen ass, war d'Offer vun der Firma Unichauff mat 13.201,80 € net mat dem Betrag am Budget ageschriwwen ginn, sou datt den Artikel 4/850/221313/99060 fir gréisser Reparaturen an Ëmännerunge vun de Kierchen em dee Montant muss erhéicht ginn.

Fir de Budget am Gläichgewicht ze halen, ginn dës Zousatzkrediter vum Gesamtboni ofgezunn.

Och domat sinn all Conseillere averstane.

6 Deliberatioun iwver d'Geneemegung vun enger Konventioun mat der Société Anonyme ELTRONA INTERDIFFUSION betreffend d'Televisiounskabelnetzer zu Ueschdref an zu Bilschdref.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erklärt, datt d'A.s.b.l. vun der Gemeinschaftsantenn hir Rechter un d'Eltrona ofgetrueden huet, esou datt een elo eng Konventioun mat Eltrona virleien hätt, fir dat ze iwverhuelen. Och hätt nach sollen eng Informatiounsversammlung heizou fir d'Awunner gemaach ginn.

D'Konventioun mat Eltrona iwver d'Verleeën an den Ennerhalt vun den Kabelnetzer zu Ueschdref an zu Bilschdref gött mat de Stëmme vun alle Conseilleren ugeholl.

7 Deliberatioun iwver d'Statute vun der nei gegrënnter A.s.b.l "Rambrouch Digital Assistance".

D'Conseillère Sonja Kettmann (CSV) erklärt, datt mat dëser A.s.b.l. virun allem deenen Awunner aus der Gemeng soll gehollef ginn, déi Problemer am digitalen Ëmfeld hun, wei zum Beispill den digitale guichet.lu ze notzen, oder einfach sech eng "App" erofzelueden. Dësen Déngscht soll de Bierger gratis ugebuede ginn, an och Kanner kënnen sech hei bei Problemer hëllef loossen.

Dat Ganzt leeft iwver d'Integratiounskommissioun woubäi d'Hëllef iwver Telefon oder op Rendezvous offréiert gött. Et ginn awer am Prinzip kéng Visitten doheem offréiert

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) freet, wéi et mam Dateschutz ausgesäit a wouhier d'Recette kommen, wann alles gratis ass.

Och d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) mécht sech Gedanken iwver den Dateschutz, virun allem bei der Redaktioun vun elektroneschem Courier oder beim Ausfëlle vun digitale Formularen.

D'Conseillère Sonja Kettmann (CSV) betount, datt dat Ganzt diskret behandelt géif ginn an d'Mataarbechter zu Diskretioun verpflichtet ginn. Op där anerer Säit wier jo awer kee forcéiert, dësen Déngscht an Usproch ze huelen. Zu deenen an de Statute genannte Recetten kéim et nëmme, wann hei solle Projet'en ausgeschafft ginn, déi da musse bezuelt ginn. Et wéisst e jo net, ob net Entrepenen un dëser Hëllef interesséiert wieren, an an deem Fall misst een eppes bezuelen, well et jo am Prinzip nëmme fir Privatleit gratis wier.

De Conseiller Patrick Schuller (LSAP) fënnt dat Ganzt eng gutt Saach, mengt awer, wéinst der Bedeelegung vun der Gemeng sollt hei och e Verrieder vun der Gemeng virgesi ginn.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) profitéiert vun der Geleeënheet, fir drop hinzeweisen, datt d'Integratiounskommissioun zënter laangem kee Rapport vun hiren Aktivitéite presentéiert huet, a proposéiert, fir de Sekretär opzeruffen, seng Rapport'en ze schreiwen.

D'Statute vun der nei gegrënnter A.s.b.l. "Rambrouch Digital Assistance", déi alle Leit um Territoire vun der Gemeng Rammerich an doriwwer eraus am ganze Land hëllef wëllen, déi Problemer mat der Digitaliséierung oder dem deegleche Gebrauch vun technologesche Geräter oder Kommunikatiounsariichtungen respektiv mam Schreiwe vun elektronischem Courier oder digitalen Dokumenter hunn, an déi sech besonnesch u vulnerabel Persounen, eeler Leit, Jonker, Handicapéierter oder Immigréierter riicht, entsprechen den A.s.b.l.-Richtlinnen a ginn eestëmmeg ugeholl.

8 Deliberatioun iwver d'Geneemegung vun engem Kontrakt iwver d'Uschafung vun enger Wander-Zapkonzessioun.

No enger längerer Diskussioun iwver d'Funktioon vun de Zapkonzessiounen gëtt de mat der Madamm Francine Koeune, déi der Gemeng eng Wander-Schankkonzessioun fir d'ganz Gemeng Rammerich fir 7.000 € iwverléisst, eestëmmeg ugeholl.

9 Deliberatioun iwver d'Confirmatioun vu verschiddenen dréngenden an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.

Verschidden dréngend an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer ginn eestëmmeg ugeholl.

Sou ass eng Bunn an der Rue du Château zu Rammerich vum 15. Mäerz bis 10. Mee 2022 gespaart, well hei e Gerëscht opgestallt gëtt.

Zu Wolwen an der Rue de l'Église gëtt vum 25. bis 29. Abrëll eng Bunn an den Trottoir virum Haus Nr. 14 gespaart wéinst Uschlossaarbechten.

An der Rue Principale (N23) zu Hueschtert gëtt d'Strooss vum Duerfagank aus Richtung Réiden/Osper bis zur Kräizung mat der Rue de Nagem opgerappt. Duerfir gëtt de Verkéier hei vum 13. Abrëll bis 29. Abrëll mat Verkéiersluuchte gereegelt an den Trottoir ass op der Säit vun den Aarbechte gespaart.

Wéinst Uschlossaarbechten virun den Haiser 3, 3a an 3b an der Rue de l'Église zu Bungeref ass dës Strooss an den Trottoir vum 22. Abrëll bis 13. Mee gespaart.

Doriwwer eraus betreffen zwee weider dréngend an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer d'Späre vun der Rue de l'Église zu Wolwen a vun der Rue Principale zu Bungeref.

10 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddene Recetten.

Eestëmmeg approvieren d'Conseilleren Recetten am Gesamtbetrag vun 23,5 Mio. €.

11 Äntwerten op Froe vun de Conseilleren un de Schäfferot.

Dëse Punkt fält aus, well keng Froen agereecht goufen.

12 NET-ËFFENTLECH SËTZUNG: Decisioun iwwer d'Demissioun vun engem Gemengenemployé.

An enger net-ëffentlecher Sëtzung gëtt der Madamm Cindy BERTEMES, Hëllefserzéierin, d'Démissioun op den 1. Juni 2022 accordéiert an décidéiert dass dës Démissioun ka public gemeet ginn.

13 NET-ËFFENTLECH SËTZUNG: Decisioun iwwer d'Promotioun vun engem Gemengebeamten.

An där selwechter net-ëffentlecher Sëtzung accordéiert de Gemengerot dem Här Antoine NANQUETTE, administrativen Expéditionnaire, d'Promotioun an deem nächste Grad vu senger Carrière an décidéiert dass dës Démissioun ka public gemeet ginn .

